
SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

# Plan d'études 2025

## Zukünfteg Mataarbechter vun der Curriculumsdivisioun



### Ordre du Jour

- De SCRIPT
- De Projet "Plan d'études 2025"
- Zukünfteg Mataarbechter

Zesumme wuessen!

ALPHABETISÉIERUNG OP FRANSÉISCH




SCRIPT

Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques




Curriculum

Division SCRIPT


Enseignement fondamental

Statistiques globales
et analyse des résultats scolaires

Année scolaire 2021/2022

# DE SCRIPT

*SERVICE DE COORDINATION DE LA RECHERCHE ET DE L'INNOVATION PÉDAGOGIQUES ET TECHNOLOGIQUES*

- Division de l'innovation pédagogique et technologique
- Division de la coordination d'initiatives et de programmes pédagogiques
- Division du développement de matériels didactiques
- Division du traitement de données sur la qualité de l'encadrement et de l'offre scolaire et éducative
- **Division du développement du curriculum**

Projet "Plan d'études 2025" – www.curriculum.lu

Curriculum
Division SCRIPT

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

www.script.lu

# PROJET "PLAN D'ÉTUDES 2025"

## WAT ASS SCHO GESCHITT?



SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

# PROZESS – EE RECKBLÉCK

- **Juni 2021: Lancement vum Projet**
- **Januar 2022: Consultatiounsprozess Abrëll 2023**
- **Oktober 2023: Whitepaper**
- **November 2023: Accord de coalition**

*Modernisation du plan d'études et compétences clés du 21e siècle*



# DEN OPTRAG VUN DER SCHOUL






Eng Rumm fir den neie Plan d'études – Optrag vun der Schoul

## 3. Eng Rumm fir den neie Plan d'études

De Plan d'études muss der haiteger Welt gerecht ginn an och muer op nei Verännerunge kënnen agoen. E muss dem Lëtzebuerger Kontext Rechnung droen an e muss et dem Kand erméiglechen, sech zu engem Bierger ze entwéckelen, dee sech wuel fillt an deen informéiert, interesséiert, selbstbewosst, kreativ a vernetzt ass. Dofir kritt den neie Plan d'études eng Rumm, déi deene concernéierten Acteuren eng Orientéierung gëtt an déi Elementer beschreift, déi konstant bleiwen. An der Rumm wäert den Optrag vun der Schoul am Sënn vun enger ganzheetlecher Approche beschriwwe ginn. Hei gi Pilieren a Schlësselkompetenzen definéiert an domat generell pedagogesch Prinzippie festgehalen. Dës Rumm gëtt gefëllt a vernetzt mat den *Domaines de développement et d'apprentissage*, déi sech aus konkrete Kompetenzen an Inhalter zesummesëtzen. Ergänzt gi wäert de Plan d'études duerch een "*How to for teachers*", dee methodologesch an didaktesch Indikatioune gëtt an Ausféierungen zu Thematiken, ewéi zum Beispill zur Differenzéierung oder zur formativer Evaluatioun, liwwert.

Esou soll en Outil entstoen, deen am Alldag genotzt gëtt, deen d'Zesummenaarbecht vun den Équipes pédagogiques kann ënnerstëtzen an deen et erlaabt, d'Kommunikatioun mat den Elteren ze stäerken. De Fokus läit op enger kompetenzorientéierter, ganzheetlecher a méi transversaler Approche. Déi fënnef Schlësselkompetenzen an déi véier Pilieren, déi hei drënner beschriwwe ginn, wäerten d'Fundament vum Léieren a vum Schoulhale bilden.

### 3.1 Den Optrag vun der Schoul

Eng vun den Aufgabe vun der Schoul ass d'**Qualifikatioun** vum Kand a vum Jonken. An der d'Grondschoul gëtt de Grondstee geluecht, fir dass d'Kand säi Kënnen a Wësse kann op- an ausbauen. D'schoulesch Orientatioun soll dem Kand hëllefen, säi Wee ze fannen an him domadder een erfollegräicht an individuell sënnerfëlltent Liewen erméiglechen.

Eng weider Aufgab ass d'**Sozialiséierung** vum Kand a vum Jonken. An der Schoul léiert d'Kand, seng Plaz an enger demokratescher Gesellschaft ze fannen, sozial Strukturen a Wäerter vun dëser Gesellschaft weiderzedroen an och ëmmer erëm ze reflektéieren.

Whitepaper Plan d'études | 2023 15

*Whitepaper, S.15-16*

# D’RUMM VUM NEIE PLAN D’ÉTUDES




Liest de [Whitepaper] fir den neien Plan d’études! Infoen zum Projet fannt Dir op www.curriculum.lu

# Fräi Räim a Fräiräim

Fir dobaussen ze schaffen.

Fir ze feieren.

Fir an der Interaktioun ze léieren.

Fir rauszegoen.

Fir sech ze beweegen.

Fir a Projeten ze schaffen.

Fir Concoursen matzemaachen.

Fir ze differenzéieren.

Fir sech ze engagéieren.

Fir sech kennenzeléieren.

Fir Drock raus ze huelen.

Fir iwwert d'Fächergrenzen ewech ze schaffen.

# PROJET "PLAN D'ÉTUDES 2025"

## DEN AKTUELLE STAND & EE BLÉCK NO VIR



SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

# WAT ASS SÄIT DEM WHITEPAPER GESCHITT?

**Véier intern "Work packages":**

1) Rumm – *Start Verschrëftlechung & Feedbackprozess*

2) Inhalt – *Konzept & Preparatioun vun den Aarbechtsgruppen*

3) Digital Plattform – *Start Cahier des charges & Sondéierung vu Partner*

4) Kommunikatioun – *Newsletter, Internetsite, Plangen vu Kommunikatiounsmomenter*

...a Weideres. Liest heizou gären eis Newsletter vum Dezember 2023!

# PLAN D'ÉTUDES 2025 – TIMELINE

2023-2024

- *Rumm*
- *Inhalt*
- *Digital Plattform*
- *Kommunikatioun*

**AARBECHTSGRUPPEN**

2024-2026

2025-2026

*Formatioun*


2026-2027

*Implementatioun*

# PROJET “PLAN D’ÉTUDES 2025”

## ZUKÜNFTEG MATAARBECHTER






SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT


# WAT SI MENG AUFGABEN ALS FIXE MATAARBECHTER?

**Collaboréieren**

(Curriculumsdivisioun, SCRIPT, Enseignanten/Terrain, Commissions nationales de l'enseignement fondamental et secondaire,...)

**Aarbechtsgruppen encadréieren**

- ➢ **Viraarbecht**
  - *Schlësselkompetenzen & Pilieren*
  - *Léierprogressioun, Kompetenzen, Sockelen & Niveauen, Evaluatioun etc.*
  - *Contenuen*
- ➢ **Moderatioun**
- ➢ **Nobereedung**



# ATOUTEN ALS FIXE MATAARBECHTER

- ✓ **Verdéift Wëssen** an Entwécklungs- a Léierberäicher
- ✓ Aisance bei **transversalen** Theemen
- ✓ Kenntnis vun **digitalen Tools** oder Online-Léierplattformen
- ✓ Gutt Kenntnisser vun den **Acteuren am Lëtzebuerger Schoulsystem**
- ✓ Weiderer


*Dëst sinn Atouten a keng Viraussetzungen.*

# WAT SI MENG AUFGABEN ALS PUNKTUELLE MATAARBECHTER?

**Collaboréieren**

(Curriculumsdivisioun, SCRIPT, Enseignanten/Terrain, Commissions nationales de l’enseignement fondamental et secondaire,...)

- ***Integratioun -*** *Schlësselkompetenzen & Pilieren*
- ***Definitioun*** *- Léierprogressioun, Kompetenzen, Sockelen & Niveauen, Evaluatiouns-Methoden...*
- ***Selektioun*** *– Contenuen...*



# 5 AARBECHTSGRUPPEN AM PROJET PLAN D'ÉTUDES

**Sproochen**
(Alphabetiséierung, FR, DE, LU)

**Mathematik**

**Geeschtes-, Sozial-, & Natur- wëssenschaften**


**Konscht & Kultur**

**Beweegung & Gesondheet**

SCRIPT
Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

Curriculum
Division SCRIPT

# 5 AARBECHTSGRUPPEN AM PROJET PLAN D'ETUDES




*Als fixe Mataarbechter encadréiert Dir 1 vun dëse 5 Aarbechtsgruppen (mat engem weidere fixe Mataarbechter zesummen). Als punktuelle Mataarbechter sidd Dir Deel vun 1 vun dësen 5 Aarbechtsgruppen.*

*Info: D'Curriculumsdivisioun ass zoustänneg fir de Plan d'études. Schoulescht Material gëtt vun (aneren) Aarbechtsgruppen an der Materials-divisioun vum SCRIPT ausgeschafft. Dës Ausschreiwung ass deemno net fir d'Ausschaffen vum schoulesche Material geduecht.*

# INFORMATIOUNEN

## Fix Mataarbechter

50% – 100 % (20h-40h / Woch) ab Rentrée 2024

- **3. Trimester 2024 : Aschaffen**
  - Mee-Juni: Kick-off, Teambuilding & Workshop
  - Abräll-Juli: Onboarding / Aschaffen am SCRIPT
    → min. 3 hallef Deeg selon Ären Disponibilitéiten
- **Ab Rentrée 2024-2025 : Start**
  - Start SCRIPT (Mëttwochs & Freides 8h fix, weider Deeg selon Ären Disponibilitéiten)
  - Lokalitéit: Rives de Clausen

## Punktuell Mataarbechter


2-4 Leçons Décharge (= 4-8 reell Schaffstonnen) an der Woch ab Rentrée 2024 – oder deelweis als Iwwerstonnen

- **3. Trimester 2024 : Aschaffen**
  - Mee-Juni: Kick-off, Teambuilding & Workshop
  - Ab Juni: Aliesen & Virbereeden
- **Ab Rentrée 2024-2025 : Start**
  - Start SCRIPT (viraussiichtlech Mëttwochs)
  - Lokalitéit: à définir

# ZÄITPLANG

*Mataarbechter Punktuell*

*Mataarbechter Fix*



# WEE KA SECH MELLEN?

**Enseignanten...**

- ...déi intresséiert sinn, am SCRIPT partizipativ um Projet "Plan d'études 2025" matzewierken
- ...déi gäre kollaborativ an der Equippe schaffen
- ...déi Wëssen & Kompetenzen am Kader vum Enseignement Fondamental matbréngen an dës och weider wëllen ausbauen
- ...déi aktuell an engem Aarbechtsverhältnis mam *Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse* stinn an esou vun enger Décharge vum SCRIPT kënne profitéieren

# ECH FALEN NET ËNNERT DE GESICHTEN PROFIL ODER SI MIR NET SÉCHER, OB ECH DRËNNER FALEN. WAT KANN ECH MAACHEN?

- Schéckt trotzdeem gären Är Kandidatur un de Luc Weis an den Halldor Halldorsson a beschreift Äre Fall am Mail. Mir kucken, ob eng Integratioun an enger Aarbechtsgrupp méiglech wier.
- Am Fall wou dat net méiglech wier, besteet d'Optioun vu punktuellem Input, dëst iwwer Workshops, Entrevuen oder iwwer E-Mail (curriculum@script.lu).

# WÉI MELLEN ECH MECH UN?

Fix Mataarbechter : **CV & Lettre de motivation**

Punktuell Mataarbechter : **Lettre de motivation (& CV)**

Appels

## Präziséiert Är :

- **Entwécklungs- & Léierberäicher** *(bei de Sproochen z. B. och gären Är präferéiert Sprooch, etc.)*
- **Transversal Theemen** *(Wuelbefannen, Méisproochegkeet, Participation, Digitalitéit – Evaluation, Iwwergäng, Transversalitéit, Inclusioun)*
- **Atouten**
- **Decharge** *(2-4 Leçons ; 50%-75%-100%)*

*Gitt roueg all Entwécklungs- & Léierberäich esou wéi Theemen un, un deenen Dir intresséiert sidd matzeschaffen, beschtefalls mat enger Reiefolleg u Präferenzen. D'Selektioun gëtt dono gemaach.*

# WOU MELLEN ECH MECH UN?

→ **Bis den 30. Januar 2024 beim Luc Weis**, Direkter vum SCRIPT : luc.weis@men.lu

→ **Kopie** un den **Halldor Halldorsson**, Responsablen vun der Curriculumsdivisioun : halldor.halldorsson@men.lu ; tel : 247-65210

*Nom 30. Januar mellen mir eis esou séier wéi méiglech bei Iech. Déi potentiell fix Mataarbechter gi fir een längeren Entretien (ca. 60 Minutten) a Clausen invitéiert. Déi potentiell punktuell Mataarbechter gi fir een kuerzen Entretien (15-30 Minutten) iwwer TEAMS invitéiert.*

**Fir weider Informatiounen :**

- Kontaktéiert eis no der Versammlung
- Gidd op eise Site www.curriculum.lu
- Kontaktéiert den Halldor Halldorsson
- Schreift un curriculum@script.lu

**Curriculum.lu**

# ABONNÉIERT GÄREN EIS NEI NEWSLETTER

**Newsletter abonnéieren**

PLAN D'ÉTUDES

NEWS

Editioun vum Dezember 2023

### Häerzlech wëllkomm!

Mir freeën eis, Iech an eiser éischter Newsletter iwwert déi neisten Entwécklungen am Projet Plan d'études 2025 ze informéieren!

### An dëser Editioun

- E Réckbléck op d'Presentatioun vum Whitepaper mat de grousse Linne fir den neie Plan d'études.
- D'Aarbechtsfelder fir déi nächst Méint: Gitt méi gewuer zu der Rumm, dem Inhalt an der digitaler Plattform!

### Presentatioun vum Whitepaper

Den 3. Oktober 2023 gouf am Forum Geesseknäppchen de Whitepaper presentéiert mat de grousse Linne fir den neie Plan d'études 2025. An engem grouss ugeluechtene Consultatiounsprozess vu Februar 2022 bis Abrëll 2023 war mam Bildungsberäich, den Elteren an de Kanner iwwer en neie Plan d'études diskutéiert ginn. Dëst war d'Basis fir de Whitepaper, deen an den zwou Sprooche Lëtzebuergesch a Franséisch publizéiert ginn ass.
D'Presentatioun vum Whitepaper an de Link zum Dokument fannt Dir hei.

SCRIPT

Curriculum
Division SCRIPT